LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1905 vum 6. Februar 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement**

**1. Wéi eng Mesurë goufen a ginn zu Lëtzebuerg geholl fir Cum-Ex-Geschäfter ze verhënneren an opzedecken?**

Wéi schonn an Äntwerten op parlamentaresch Ufroe matgedeelt gouf, huet d'Steierverwaltung verschidde Verdachtsfäll vu Cum-Ex-Transaktiounen un d'Justizautoritéiten iwwermëttelt.

Déi beschriwwe Praktike sinn en transnationaale Phänomen. An deem Sënn huet d'Europäesch Kommissioun d'Directive FASTER ausgeschafft fir an Zukunft d'Réckerstattung vun der Quellesteier méi sécher a méi effizient ze gestallten an domadder och de Kampf géint Steierflucht weider ze stäerken.

**2. Besteet zu Lëtzebuerg eng gesetzlech Obligatioun fir Banken a Steierberoder, hir elektronesch Donnéeën zu Lëtzebuerg oder an der EU ze späicheren? Falls net, plangt d'Regierung eng entspriechend Obligatioun anzeféieren?**

D'ofgeännert Gesetz vum 18. Dezember 2015 iwwert den automateschen Informatiounsaustausch zu Steierzwecker betreffend d'Bankkonten imposéiert de betraffenen Banke wärend 10 Joer, déi entspriechend Register a Beweiser iwwert hir Demarchen fir d'Erfëllung vun hiren Deklaratiounspflichten ze conservéieren. Dëst impliz éiert awer keng generell Obligatioun fir déi betraffe Banken hir elektronesch Donnéeën zu Lëtzebuerg oder an der EU ze späicheren. D'Banken musse sech donieft och un d'Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwer de Finanzsecteur halen.

**3. Wéi gesäit den Informatiounsaustausch mat den däitschen Autoritéiten am Fall vu Verdacht op Cum-Ex-Geschäfter aus?**

An de leschte fënnef Joer huet d'Lëtzebuerger Steierverwaltung e puer Ufroe vun der zoustänneger däitscher Autoritéit kritt. Dës Ufroe goufen no de Virschrëfte vum ofgeännerte Gesetz vum 25. November 2014 behandelt.

**4. Gëtt et zu Lëtzebuerg Unzeechen, dass Cum-Ex-Geschäfter nach ëmmer praktizéiert ginn?**

Am Kader vun der Uwendung vun de gesetzleche Bestëmmunge vum sougenannte Schachtelprivileeg iwwerpréift d'Steierverwaltung d'Urecht vun de Firmen op Réckerstattung vun der Quellesteier op Kapitalerträg. Eng Réckerstattung vun der zu Lëtzebuerg erhuewener Quellesteier gëtt nëmmen dann akzeptéiert, wann all gesetzlech Conditiounen erfëllt sinn. Falls dës net erfëllt sinn oder Zweifel un der Richtegkeet vun der Ufro op Réckerstattung gëtt, gëtt d'Ufro ofgeleent a bei Feststellung vu Verstéiss géint strofrechtlech Bestëmmungen och un d'Justizautoritéite weidergeleet.

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth